ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# D'ADR géint déi proposéiert Neierungen am kommunale Walgesetz

*Pressematdeelung vum 7. September 2021*

Den 2. Juni huet d'Regierung hir Iddie fir eng Reform vum kommunale Walgesetz presentéiert. Dee wichtegste Punkt ass wuel deen, datt déi Frist vu fënnef Joer soll wech falen, déi en Auslänner bis elo huet misse waarden, ier hie sech konnt op d'Walléschten androen.

D'ADR huet d'Walrecht vun den Auslänner um kommunalen Niveau ëmmer aktiv ënnerstëtzt, esou wuel fir EU-Bierger wéi och fir Leit aus Drëttstaaten. Si huet déi respektiv Gesetzesprojeten dowéinst och an der Chamber mat gestëmmt. **Déi Approche déi d'Regierung elo proposéiert, kann d'ADR awer net ënnerstëtzen**.

Fir d'ADR ass eng Participatioun um politesche Liewen ëmmer och en Zeeche vun engem gelongenen Integratiounsprozess. Fir si ass et wichteg, datt en Auslänner déi gemengepolitesch Diskussiounen inhaltlech a sproochlech (op Lëtzebuergesch) versteet, ier hie sech um kommunale politesche Liewen aktiv (datt heescht, datt hie ka wielen) oder och passiv (datt hie ka gewielt ginn) bedeelege kann. D'Integratioun a sproochlech Kompetenzen hëllefe gläichzäiteg och, d'Méiglechkeet vun enger Manipulatioun vun neie Wieler ze reduzéieren.

D'ADR verschléisst sech awer kenger Diskussioun iwwer konkret Modalitéiten, déi zu enger gelongener Integratioun vun den Auslänner kënne bäidroen. Ouni e Wechfale vun der Waardezäit ze envisagéieren, hätt d'ADR awer, an engem méi breede Kontext vu Moossnamen, och eng Reduktioun vun dëser Zäit op e Minimum vun dräi Joer kënnen envisagéieren.

Déi elo vu Gambia initiéiert Reform däerf net dozou féieren, datt d'Lëtzebuerger Sprooch um kommunalpolitesche Niveau u Wichtegkeet verléiert. D'ADR wënscht sech am Géigendeel eng Stäerkung vun der Lëtzebuerger Sprooch als Integratiounsfaktor och um Gemengeniveau. Et muss dowéinst sécher gestallt ginn, datt an Zukunft kee méi ka Member an engem Schäfferot ginn, deen net Lëtzebuergesch op héijem Niveau schwätzt. Fir dat ze garantéieren, mussen efficass Prozedure virgesi ginn. Och déi Reegel, datt Lëtzebuergesch d'Sprooch am Gemengerot ass, muss gestäerkt ginn.

D'ADR constatéiert, datt d'Regierung mat dëser Initiativ, wéi och mat där neier Verfassung, weider a Richtung vun enger progressiver a kompletter Gläichstellung vun de Lëtzebuerger an den Auslänner am Hibléck op déi politesch Rechter wëll goen. Am Geescht vum Referendum vun 2015 betount d'ADR dogéint, datt si politesch Rechter fir Auslänner nëmme kann als Resultat vun enger Integratiounsleeschtung gesinn. Dofir soll och weiderhin d'Walrecht fir d'Chamberwalen an d'Participatioun un nationale Referenden iwwer politesch Sujeten strikt un déi Lëtzebuerger Nationalitéit gekoppelt sinn an d'Walrecht bei de Gemengewale un eng Waardezäit gebonne bleiwen.

Matgedeelt de 7. September 2021